Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen / No 27 **Mëttwoch, 4. Mee 2022**

Ofschlossexamen

Erakommen an d'Gebai - erausgoen aus dem Gebai

Turnsall	Klassen	Agang - Ausgang
Hal Nummer 1	1G-CG1 / 1G-CG2 1G-SO1 / 1G-SO2	déi normal Dier fir an de Sportkomplex, vis-à-vis vun der Porte A
Hal Nummer 2	1C-A / 1C-C / 1C-D / 1C-G 1G-IG / 1G-SN	laanscht de Sportkomplex erof, d'Dier beim oppene Parking

Am Examenssall

Den Examenssall ass moies ab 20 vir 8 op : dir kënnt vun deem Moment un direkt erakommen, leet är Saache nidder a gitt op är Plaz, wou dir da sëtze bleift.

D'Toiletten

Klassen	Toiletten	Remark
Hal Nummer 1	um Stack vun de Vestiairen	wann een aus dem Sall kënnt, d'Trapen erofgoen (si gezeechent)
Hal Nummer 2	Vestiairen vum Turnsall	beim Här Wagener senger Wunneng erausgoen an op de Knäpp-chen drécken fir eraus an eran

Snack a Gedrénks

Dir kënnt ee Snack matbréngen. Dir musst den Emballage nach op der Plaz ewechgeheien, wann dir de Sall verloosst. Dat selwecht gëllt fir d'Gedrénks. Geheit d'Plastiksfläsch ewech, wann dir aus dem Sall gitt. Dir kënnt och ären eegen Bidon matbréngen.

Mëttesstonn

Dir kënnt är Mëttesstonn op deenen gewinnten Plazen maachen oder am Sall Anne Frank, dee mir extra fir iech fräi maachen.

Lëften

De Sall gëtt dee ganzen Zäiten duerchgelëfft. Denkt also drun iech eng Jakette oder eng Decken matzebréngen, fir de Fall, wou et iech kal gëtt.